

## Handbuch

### 1. Zilsetzung

De ‚**Lauschterwee mam Sila**‘ baséiert um Programm ‚Hörpfad - Hörübungen für Vorschulkinder‘, dee vum Frans Coninx, Liette Miesch, Pierre Reding a Christine Heidt ausgeschafft an 2007 vum Ministère fir Educatioun publizéiert gouf.

De ‚Lauschterwee mam Sila‘ ass en Zousazmaterial zum Programm ‚Phonologesch Bewosstheet mam Sila‘ a baséiert op de Wieder aus der Billerkartei ‚*Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d’Sproochförderung*‘.

De ‚Lauschterwee mam Sila‘ ënnerstëtzt d’Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet an der Virbereedung op d’Liesen- a Schreiweléieren an ass fir Kanner **ab dem Cycle 1.2** recommandéiert.

Ënnert ‚**phonologesch Bewosstheet**‘ versteet een d’Fäegkeet, seng auditiv Opmierksamkeet iwwert d’Bedeutung vum geschwate Wuert ewech, geziilt op linguistesche Eenheeten – wéi de Reim, d’Silb an den eenzele Laut (de Phoneem) – ze riichten. D’phonologesch Bewosstheet ass eng Virleefereferdeegkeet vum Liesen- a Schreiweléieren. D’Förderung vun der phonologescher Bewosstheet ënnerstëtzt soumat de fléissenden Iwwergang an d’Liesen- a Schreiweléieren.

Méi detailléiert Informatiounen zum Beräich vun der phonologescher Bewosstheet sinn am Aféierungsheft vum Programm-Classeur ‚Phonologesch Bewosstheet mam Sila‘ oder op der Internet-Säit <https://sila.script.lu> ze fannen.

### Referenzen

Coninx, F., Miesch, L., Reding, P., & Heidt, Ch. (2007). *Hörpfad. Hörübungen für Vorschulkinder. Lëtzebuergesch-Deutsch*. Lëtzebuerg: Ministère fir Education.

Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (2018). *Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d’Sproochförderung*. Lëtzebuerg: SCRIPT.

Bodé, S. (2020). *Phonologesch Bewosstheet mam Sila*. Lëtzebuerg: SCRIPT.

## 2. Astellungsméiglechkeeten

### 2.1. Op Lëtzebuergesch oder op Däitsch?

D'Wuertmaterial baséiert op de 555 Wierder aus der Billerkëscht ‚*Wéi? Wou? Wat? 555 méisproocheg Billerkaarte fir d'Sproochfërderung*‘ (MENEJ, 2018)



Éier d'Aktivitéite gestart ginn, gëtt agestallt, ob d'Aktivitéiten éischer **op Lëtzebuergesch oder op Däitsch** gemaach ginn. Dës Sproochstellungen erlaben den Asaz vum Lauschterwee fir de fléissenden Iwwergang an d'Liesen- a Schreiweléieren.

### 2.2. Mat oder ouni Biller ?



Weider gëtt entscheet, ob d'Aktivitéite **mat oder ouni Biller** gemaach ginn. Bei der reng **auditiver Versioun** ouni Biller gëtt d'Konzentratioun op d'Lauschteren an dat auditivt Kuerzzäitgediechtnis méi gefuerdert. Bei der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren gëtt dës Versioun dofir an der Reegel recommandéiert.

Bei der **visueller Versioun** ginn d'Biller en zousätzlechen Unhaltspunkt zu deem, wat d'Kand héiert. D'Opmierksamkeet gëtt net just auditiv, mee och visuell geleet.

Duerch den Asaz vum Bild ass den Zesammenhang tëscht dem geschwate Wuert an der Bedeitung vum Wuert méi present. D'Biller kënnen esou och z.B. dozou bäidroen, dass Kanner mat enger anerer Éischtsprooch den Zougang zu der Bedeitung vum Wuert méi einfach fannen.

Fir Kanner, deenen et schwéier fält, sech vun der Bedeitung vum Wuert ze léisen, fir di verschidde phonologesch Unitéiten, wéi de Reim, d'Silb an de Laut aus dem Wuert erauszehéieren, stellt d'Presenz vum Bild eventuell eng zousätzlech Erausforderung duer. Fir dës Kanner ass et méi einfach mat der reng auditiver Versioun ouni Biller ze schaffen.


Wann am Kontext vun der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren **an der Reegel di reng auditiv Versioun recommandéiert gëtt**, kann d'Bild-Versioun eng interessant Hëllefstellung fir eng Rei Kanner bidden. Jee no Kand kann et och hëllefträich sinn, di eng oder aner Aktivitéit an engem éischte Moment mat Biller duerchzuféieren, an dann, an engem zweete Moment, op d'Aktivitéiten ouni Biller iwwerzegoen.

Bei den Ulaut-Aktivitéite gëtt den Ulaut ëmmer mat dem passende Buschtaf ënnermoolt, fir esou de Kontakt mat der Laut-Buschtaf-Korrespondenz ze ënnerstëtzen.

Eng Rei Aktivitéite verlaangen eng genau auditiv Diskriminatioun. An der Geräischkuliss vum Kllassesall kann e **Kopfhörer eng wichteg Hëllefstellung** bidden.

### 3. Struktur vun den Aktivitéiten

#### 3.1. Fënnef Spillstufen



Wéi de Programm-Classeur ‚Phonologesch Bewosstheet mam Sila‘ ass och de ‚Lauschterwee mam Sila‘ a **5 Spillstufen** agedeelt. Dës Spillstufe bauen eng op där anerer op. Ugefaang gëtt mat der Stuf vun de Lauschterspiller. Da kënnt, eng no där anerer, d’Stuf vun de Reimspiller, de Silbspiller, den Ulauspiller an de Lautspiller.

Esou bal d’Basis-Aktivitéite vun der éischter Stuf, d.h. de Lauschterspiller, all duerchgefouert goufen, ginn d’Aktivitéite vun der zweeter Stuf, d.h. de Reimspiller, op. Esou kënnen d’Aktivitéite vun den eenzelne Stufen no an no, a Stuf fir Stuf fräigeschalt ginn.

Fir d’Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet ze fërderen, gëtt recommandéiert, bei all Spillstuf fir d’éischt mat den Aktivitéiten aus dem Sila-Programm unzufänken (de PDF-Fichier ass op der Internet-Säit <https://sila.script.lu> ze fannen). Wann d’Kanner eng éischt Aféierung an di entspreichend Spillstuf kruten, kënnen si da méi autonom mam ‚Lauschterwee mam Sila‘ weiderspillen. Hei e kuerzen

Iwwerbléck zu all Spillstuf, ab wéi enger Aktivitéit am Sila-Programm et interessant ass, mat den Aktivitéite vun där selwechter Spillstuf am Sila-Programm unzufänken.

No der Aféierung mam Programm 'Phonologesch Bewosstheet mam Sila'	Ufank vum Themeberäich am 'Lauschterwee mam Sila'
vun der Aktivitéit 1.1	Lauschterspiller
vun der Aktivitéit 2.6	Reimspiller
vun der Aktivitéit 3.5	Silbespiller
vun der Aktivitéit 4.4	Ulautspiller
vun der Aktivitéit 4.19	Lautspiller

### 3.2. De Spillwee vun de Basis-Aktivitéiten



Mam Zougang zu enger neier Stuf geet de Spillwee vun de Basis-Aktivitéiten op (ënnescht Rei). Mam Klick op di éischt Wab vun dësem Wee gëtt dës Aktivitéit gestart. Mam Ofschloss vun dëser éischter Basis-Aktivitéit geet den Zougang zu der zweeter Aktivitéit op. Esou ginn d'Basis-Aktivitéite vum Spillwee der Rei no all fräigeschalt.

**D'Basis-Aktivitéiten** (ënneschte Spillwee) leene sech un d'Aktivitéiten aus dem Sila-Classeur un. No enger éischter Aféierung vun engem neien Themeberäich mam Programm 'Phonologesch Bewosstheet mam Sila' kënnen d'Kanner dësen Themeberäich da méi autonom mam 'Lauschterwee mam Sila' exploréieren.

### 3.3. De Spillwee vun den Zousaz-Aktivitéiten

Wann d'Basis-Aktivitéite vun enger Spillstuf (z.B. Lauschterspiller) all gemaach goufen, kritt d'Kand den Zougang zu de Basis-Aktivitéite vun der nächster Stuf (z.B. Reimspiller), souwéi zu den Zousaz-Aktivitéite vun dëser Stuf.

D'**Zousaz-Aktivitéiten** (iewechte Spillwee) si mat engem Plus-Zeechen (+) markéiert. D'Zousaz-Aktivitéite si méi schwéier wéi d'Basis-Aktivitéiten a ginn iwwert d'Klassen-Aktivitéiten aus dem Sila-Programm eraus. D'Zousaz-Aktivitéite si flott Aktivitéite fir Kanner ab dem Cycle 1.2., déi Freed hunn, schonn e Schratt méi wäit ze goen, a sech méi intensiv mat dem entsprechenden Themeberäich auserneenzesetzen.



## 4. Änwerten a Réckmeldungen

### 4.1. Eng Äntwert ginn

D'Äntwert op eng Aufgab vun enger Spillaktivitéit gëtt d'Kand, andeems et di gewielten orange Äntwert-Wab op di gréng Aufgabe-Wab an der Mëtt zitt. (*Drag and Drop*)

Beim Asaz vum Touchscreen ass de Fanger op di gewielten Äntwert-Wab ze leeën. De Fanger bleift op dëser Äntwert-Wab leien an zitt se op di gréng Aufgabe-Wab an der Mëtt.

Beim Asaz vun der Computer-Maus ass de Cursor op di gewielten Äntwert-Wab ze positionnéieren. Da gëtt di lénks Maustast geklickt an ugehalen, bis d'Äntwert-Wab an d'Mëtt op d'Aufgabe-Wab gezu gouf.

## 4.2. Direkt Réckmeldung zu all eenzel Aufgab

D'Reckmeldungen un d'Kand un den Erwuessene si vilfálteg an op verschiddenen Niveauen ze gesinn.

Esoubal d'Kand eng Äntwert ginn huet, kritt et direkt eng Réckmeldung dozou.



Ass d'Äntwert richtig, da gëtt dëst mat engem gréngen Häkchen an der Äntwert-Wab ugewisen an e Puzzlestéck gëtt opgedeckt.

Ass d'Äntwert falsch, da gëtt dëst mat engem roude Kräiz an der Äntwert-Wab ugewisen, an d'Kand sicht weider no der richteger Äntwert-Wab. Wann d'Kand di Äntwert da fonnt huet, gëtt dat passend Puzzlestéck rout markéiert.


Wann d'Kand all d'Äntwerte vun enger Aktivitéit richtig gewielt huet, gëtt de ganze Puzzle opgedeckt an dat entspreichend Déierebild kënnt op di passend Wab um Spillwee.

#### 4.3. Réckmeldung zu all Aktivitéit



Fir all gemaachen Aktivitéit ass ze gesinn, a wéi wäit d'Aufgab richtig (a grénger Faarf) oder falsch (a rouder Faarf) duerchgefouert gouf. Dëst gëtt esouwuel ënne bei enger lafender Aktivitéit ugewisen, ewéi och op der Wab um Spillwee.


#### 4.4. Réckmeldung zu all Spillstuf



Do derniewent gëtt bei all Aufgab ugewisen, a wéi wäit d'Aufgaben zu enger Spillstuf richtig (a grénger Faarf) oder falsch (a rouder Faarf) duerchgefouert gouf.



Zréck vun enger Aktivitéit zum Spillwee oder vum Spillwee zu de Spillstufen geet et ëmmer iwwert de Klick op den Retour-Feil, deem direkt uewe lénks um Bildschirm ze fannen ass.



Fir all Aktivitéit besteet eng kuerz **Demo-Animatioun**, déi unhand vun der éischter Aufgab vun der Aktivitéit weist, wéi dës Aktivitéit duerchgefouert ass. Zu all Moment vun der Aktivitéit kann dës Demo-Animatioun duerch ee Klick op d'Sila mam Fragezeichen aktivéiert ginn.

## 5. Abléck fir d'Léierpersoun

### 5.1. Léierstand

De Léierstand erlaabt der Léierpersoun, d'Schüler op hirem individuelle Léierwee ze begleeden.

Klickt an der lénker groer Kolonn op ‚Lernstand‘ oder op di blo Balken ‚Lernstand‘ um Startbildschirm.

Wielt e Benotzer

Wann Dir just déi Aktivitéite wëllt ugewise kréien, un deenen d'Kand scho geschafft huet, kräizt uewe riets d'Case ‚nëmme geschafft Übungen‘ un.

Fir all gemaachen Übunge gëtt de Léierstand mat engem faarwege Feld pro Aufgab ugewisen.

### Erstelle vun engem individuellen Aktivitéitsplang



Mam Klick op de Stär (★) gëtt d'Aktivitéit bei den individuellen Aktivitéitsplang bäigefügt, respektiv erausgeholl.

Mam Klick op de Return-Button (↶) kënnen d'Aktivitéiten zrëckgesat ginn. De Léierstand gëtt geläscht an d'Aktivitéit kann erëm nei bearbecht ginn.

Wann eng Aktivitéit am Aktivitéitsplang dran ass, ginn den Numm an d'Fortschrëttslinn giel markéiert. Wann dës Linn gréng ass, ass d'Aarbecht un der Aktivitéit ofgeschloss.

Lauschterspiller: Wou héiers de Auer? ... Auer, Mamm, Haus, Auto	■■■■■■■■■■
Lauschterspiller: Wou héiers de Auer? ... Auer, Mauer, Bauer	■■■■■■■■
Lauschterspiller: Wo héiers de Been? ... Been, Steen, Reen	■■■■■■■■
Lauschterspiller Zousatz: Wou héiers du /mäi/? ... /mäi/, /mai/, /moi/, /mau/	■■■■■■■■
Lauschterspiller Zousatz: Wou héiers de /lou/? ... /lou/, /nou/, /pou/, /dou/	■■■■■■■■

### 04. Okt. 2021



**Lauschterwee mam Sila**  
 Lauschterspiller Zou...  
 11:33, 1 min

De Léierprotokoll ass ganz riets an der Kolonn ze fannen a weist, wéi eng Aktivitéiten an de leschten 30 Deeg gemaach goufen. Déi rout a gréng Zuele weisen un, wéivill Aufgaben aus dem Léierplang **richteg** oder **falsch** geléist goufen.